Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 3. Juni 2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| | **Steve Degano** | **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** |
| **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** | **Gilles Mores** | |
| **Steve Blasen exc.** | | **Patrick Molitor exc.** | |

## 1. Ekippechampionnat

D'Publikatioun vun de Statistiken iwwer d'Saison huet net optimal fonktionnéiert. Et ass wichteg, dass d'Statistiken um Site à jour, haptsächlech wat d'Wiesselspiller ubelangt. Mä och d'Moyenne sinn haptsächlech fir d'Coachteam wichteg. Mär versichen, zesumme mam Classic, di next Saison d'Statistiken iwwer den FLQ-Büro lafen ze loossen.

## 2. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften

Am Groussen a Ganzen sinn d'Meeschterschaften ouni nennenswärt Pannen verlaf. Op de Medaillen ass den Emblem vun engem Pétanque-Spiller. De Fournisseur gëtt gefroot fir d'Medaillen ze ersetzen. Ab der nexter Saison gëtt et jo keng spezifesch Deeg méi fir Eenzel an Tandem. Zu Schlënner ass dat vum Programm hir kee Problem, well d'Apparater just mussen op Ofraumen gesat ginn. Zu Péiteng gëtt dann ofwiesselnd op de Bunnen 1-4 a 5-8 jeweils ee Block Eenzel an ee Block Tandem gespillt. Doduerch gi mär wesentlech mäi flexibel an et kann een awer nach ëmmer seng 2 Manche, op Eenzel oder Tandem, mateneen spillen. Et kann een awer och en Eenzel an en Tandem an engem Dag spillen.
Et gi just Bedenken, op dat eis net e groussen Duercherneen bei den Umeldunge an dem Opstellen vum Spillplang gëtt. Fir dat eventuell ze vermeiden, musse mär op der Generalversammlung vun der TKS eise Plang gröndlech erklären.

## 3. WM-Herne

Eng detailléiert Analys gëtt nach mam Coachteam gemach. Generell si mär mat 2 Sëlwer an 2 Bronzemedaillen am Soll, och wann d'Leeschtungen net ëmmer optimal woaren.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 4. Generalversammlung vum Sportkeelen vum 14. Juni 2024

D'Veräiner kréien an den nexten Deeg eng offiziell Invitatioun geschéckt.

Mär présentéieren e klenge Rapport vun der Saison an diskutéieren dono mat de Veräiner an enger fräier Ausssprooch.

LN-Cup Diskussioun iwwer e Spillmodus wéi zu Morbach.
Fazit vun der 1. Saison mat 4 Ekippen pro Divisioun.

## 5. Nuit des Sports

Just de Steve an de Jean-Marc sinn derbäi plus d'Jugendkommissioun (4-5 Leit)

## 6. Internationale Senioreverglälich

- Umeldeschluss ass de 15. Juni.
- D'namentlech Meldung fir den 30. Juni.
- Nom Umeldeschluss gëtt de Spillplang opgesat.
- Mär rechnen mat +/- 100 Aktiven.
- Eng Tribün gëtt erausgezunn.
- E klengt Startheft gëtt gemach.
- Diskussioun iwwer de Kado fir all Spiller: eng Fläsch lëtzebuerger Wäin mat enger flotter Etikett oder en Handduch. D'Majoritéit entscheed sech fir d'Handduch. D'Huby bekëmmert sech Devisën.
- De Jean-Marc mech sech schlau, wéi e Livestream fonktionnéiert.
- Mär mussen eis och Gedanken iwwer Publizitéit, Flyerën an d'Kommunikatioun mat der Press machen.
- Arbitteren: Vu dass mär net genuch Arbitteren hunn, informéiere mär eis, op et och ouni geet.
- De Catering gëtt mat der Brasserie organiséiert. Fir d'Owesiessen Samsdegs, wou mär 20€ dofir froen, gëtt et e klengen Entreesbuffet. Mär wäerten dem Matteo virschloen, als Haptplat en Nuddelsbuffet mat e puer verschiddenen Zossen ze machen. Dagsiwwer gëtt gegrillt (Samsdegs 11:30 bis 17:30, Sonndes ab 11:30 bis alles fäerdeg ass). Och dëst soll vun der Brasserie gemach ginn.
- Et gëtt e kléngt Startheft erstallt.
- Mär mussen eis nach genau informéieren, wat mär vu Coupen a Medaille brauchen.

- Mär machen en Appel un eis Kommissiounen fir eng Hand mat upacken ze kommen
- D'Jugendkommissioun gëtt gefrot, op si eng Tombola wëlle machen
- Dat selwescht gëllt fir eis Kaderspiller
- Op der Generalversammlung vun der TKS gëtt och en Appel gemach

**Partenaires de la F.L.Q.**

www.lupa69.com

depuis 1952

- Mär froen den Alain fir do ze sinn.

- Grouss Suerge mache mär eis iwwer den techneschen Zoustand vun eise Bunnen.
- Mär froen d'Marcelline Della Modesta an de Chris Fuchs fir eisen administrativen Büro an d'Oarbechten um PC

- Eis Beamerën musse getest ginn.

- Infirmerie: Den Uwe ass an Éischter Hëllef ausgebild. Mär froen och nach den Alain Blasen. An der Hal ass eng Infirmerie. Et muss sécher gestallt ginn, dass mär do de Schlëssel dovunn kréien.

- Vu dass mär d'Fändelen vun den eenzelnen däitsche Bundeslänner net hunn, kënne mär nëmmen di national Fändelen ophänken.

- Ufangs Juli mussen d'Invitatiounen fir d'Éiregäscht (Gemeng, Ministère) erausgoen.

- Am CA gëtt moar iwwer de finanziellen Kader diskutéiert. Vu dass et keng Welt- oder Europameeschterschaft ass, kënne mär net mat engem Zouschoss vum Ministère rechnen.

## 7. Verschiddenes

### a. International Mätcher

Di franséisch Federatioun freet fir den Triangulaire vum 12. op den 26. Oktober ze verréckelen, well si intern Walen an der Sektioun hunn. Vu dass de 26. Oktober di däitsch Lige spillen, wëlle mär dat net. De Jean-Marc seet hinne Bescheed. Gläichzäiteg froe mär d'Belsch fir dann den 12. Oktober zu Péiteng e Lännermätsch ze spillen, wa méiglech mat Dammen.

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**